CSV Hesper Hesper, den 9. Dezember 2024

Robert LEVEN

Budget 2025 a Budget rectifié 2024

Här Buergermeeschter, Dir Dame an Hären aus dem Schäfferot, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, Léif Nolauschterer heibannen an dobaussen,

Bei der Diskussioun zum Budget am Gemengerot geet et em méi wéi just dee fir dat nächst Joer: och de Budget rectifié vun dësem Joer an d'Kontinuitéit iwwert méi Joren spillen eng Roll. Et ass d'Häerzstéck vun der politescher Gemengepolitik.

D'Erausfuerderungen fir dem Klimawandel, der Reduktioun vun der Biodiversitéit an dem Verdrecksen vun der Natur entgéint ze wierken sinn net manner ginn. D' Konferenz COP29 zu Baku war keng Hëllef. Wann d'Interessien vun der Uelegindustrie méi am Vierdergrond stinn, ass dat u Perversitéit net ze toppen. D'Ofkommes fir de Plastik ze reduzéieren zu Busan a Südkorea ass alt erem eng Null-Nummer: 170 Staaten gi vun e puer Länner mat Ueleginteressen blockéiert. Dat gesi mer bei ons definitiv ganz anescht.

De Schutz vun der Emwelt huet vill Gesiichter a betrëfft ons all direkt. Natierlech schwätze mer an deem Kader vun der Subsidiarescher Verantwortung. Dat heescht: wat bedeit dat fir ons a wat ass ons Verantwortung hei direkt um Terrain? Wat sinn déi interkommunal, national an Europäesch Méiglechkeeten déi mer kënnen dozou notzen? An net ze vergiessen: Wéi begéine mer deem wat ons wäert erwaarden?

Et ass wichteg Mossnahmen zum Klimaschutz, spriech D'Reduktioun vun den Zäregasen an d'Upassung, als Ganzt ze gesinn. Des Ausso vum Klimabündnis ass elementar a betrëfft ons méi wi jee. Datselwecht gëllt fir de Klimapakt an den Naturpakt: et ass e ganzt. An e lien mam Pacte Logement ass onbestreitbar.

2 Beräicher: Finanzen an Engagement.

Souwuel de Budget rectifié 2024, wéi och de Budget 2025, zielen ennert Protection de l'environnement op em wat et geet : Offall, oder besser D'Gestioun vun de Ressourcen, Knaschtegt Waasser behandelen - mer brauchen eng nei Kläranlag, Renaturatioun, dem Risiko vun Iwwerschwemmungen entgéint ze wierken, Energiespuermoossnahmen an den Emwelt- an Naturschutz. Dofir sin am ordinaire Budget eng 6,1 Mio Euro an am Extraordinairen 4,4 Mio virgesinn, also insgesamt 10,6 Mio Euro.

Mee eleng des Zuelen ze betruechten geet net duer. En Deel vun den Investiounen vun 2024 weist hir Friichten, z. B. De Schutz vrun Iwwerschwemmungen, d'Produktioun vun erneierbarer Energie, an d'Verbesserung vun der Biodiversitéit.

Allerdings ginn elo och vill Suen an aneren Artikelen am Sënn vum Klimaschutz investéiert, z.B. an de Bau, resp. den Embau vu Schoulen wou systematesch besser isoléiert an de Gebrauch vu fossillen Energien entweder staark reduzéiert oder komplett duerch erneierbar Energien ersat gëtt. Dat ass de Wee a mecht ons och méi onofhängeg an der Energieversuergung. Och d'Investitiounen fir d'Velosweeër gehéieren derzou. Dat si grouss a wichteg Engagementer an ons Zukunft.

An enger Abberzuel vu Kommissiounen, Aarbechtsgruppen, Nationale Strukturen a Syndikater ass ons Gemeng präsent a profitéiert dovunner. Onse Klimaschäffen spillt do eng wichteg Roll. D'Opzielen dovunner géif elo zevill, mee ouni déi kéime mer net esou gudd vierun. Och dat ass net gratis ze hunn.

Et ass mer wichteg ze betounen datt d'Zesummenaarbecht an de Kommissiounen fir Emwelt a Klima, wéi och fir den Erhalt vun de Ressourcen an an der Mobilitéitskommissioun, an deenen ech respektiv Präsident, Sekretär a Member sinn, iwwert d'Parteigrenzen ewech gesond a gudd ass. D'Zesummenaarbecht tëscht der Emwelt- a Sozialkommissioun fir d'Konferenz zum Thema «Bezuelbar Energie, Soziale Klima» wor e grousse Succès an huet d'Energieaarmutt hei zu Lëtzebuerg mol an de Vierdergrond geréckelt. Energiearmutt an Armuttsrisiko henken zesummen. Lëtzebuerg huet no Eurostat mat 14,7% den héchsten Taux am Aarmuttsrisiko. Do kënnt nach muenches op ons dur. Mee alles ass e kontinuéierleche Prozess deen dozou bäidréit Step by Step weider ze kommen. Mir sinn um gudde Wee, mee d'Erausfuerderungen feelen net.

E puer Punkten déi ech wëll ervierhiewen:

- De Klimapakt ( mir si Gold-Gemeng) an den Naturpakt (Zertifizéierung vu 40% erreecht) gi professionnell vun der Firma MC, der Klima-Agence an dem SIAS begleet an hëllefen ons weider ze kommen,
- D'Energieaarmut ass en Thema a mer mussen ons deem stellen,
- D'Aktioun Drecksak an den Naturgaart Kiemert si Success Storien,
- D'Zesummenaarbecht mam Fierschter Pit Schoos dréit zur Sensibilitéit fir méi Naturschutz bäi,

- D’Notzung vun den erneierbaren Energien an d’Energieeffizienz stinn am Vierdergrond, Beliichtung mat LED an den Akaf vun erneierbarer Energie sinn haut normal,
- D’Mobilitéit huet eng direkt Verbindung mam Klimaschutz. Sief et den öffentlechen Transport, Velosweeër oder elektresch Gefierer. Mam GoGoVelo vum Klimabündnis kennt eng nei Dynamik eran fir de Velo méi ze notzen. Alles um richtege Wee.
- De Klimabündnis huet eng fest Plaz an onser Gemeng, d’Energiekarawane huet méi Matbierger sensibiliséiert,
- Manner Offall a méi Recycling sinn ons wichteg, den Oekocenter ass a bleiwt eng Referenz dank dem Asaz vun der CCN mam Tom Majeres, de Second-Hand kritt eng weider Nues mat der SWAP-Party,
- Mat der Photovoltaïk si mer um gudde Wee, mee mer sollten och aner Méiglechkeeten fir d’Produktioun vun erneierbaren Energien, och mat Biergerparticipatioun, net aus den Ae verléieren,
- D’ Waasserversuergung mat propperem Drenkwaasser kritt mat der neier Buerung um Bichel deen néidegen Refresh verpasst. Emmerhinn sinn dat 25% vun onsem Drenkwaasser. Vum Naturschutz aus gëllt: De Schutz vum Grondwaasser an de Baachen ass elementar a séchert eng gutt Qualitéit vum Drénkwaasser.
- Allgemeng ass d’Kommunikatioun enorm wichteg fir ons Matbierger fir méi Klimaschutz, e méi effizienten Ëmgang mat der Energie, manner Waasserverbrauch an de Respekt vrun der Natur ze vermëttelen. De Klimapakt huet ons dat bestätegt an et geet domadder weider,
- Mee och: mir mussen onst Bewosstsin stäerken wéi mer mat falschen Informatiounen aus de soziale Medien ëmginn.

Zum Ofschloss géif ech gären alle Bedeelegten, déi um Budget matgeschafft hunn Merci soen.

Dem Buergermeeschter a Schäfferot gëllt meng voll Ënnerstëtzung fir dëse Budget fir eng méi Klima- an Naturgerecht Gemengepolitik.

Zu gudder Lescht soen ech Iech heibannen an den Nolauschterer dobausse Merci fir d’Opmierksamkeet.